



# POMPJEESVERBAND FLASH September 2023

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS,

E puer wichteg Informatiounen :

## **Pompjeescross am Préizerdaul**

Den Samsden 30.09., vun 14 bis 18 Auer, fënnt den Pompjeescross am Préizerdaul statt, dir kënnt är Leefer nach bis den 27.09. beim Sekretariat vum Pompjeesverband [bureau@fnsp.lu](mailto:bureau@fnsp.lu) umellen.

Weider Informatiounen an d'Umeldungen fannt dir op eisem Internetsite: <https://www.fnsp.lu/downloads> an der Kategorie Sport.

Mir hoffen dass vill Sportbegeeschtert un dëser Veranstaltung Deel huelen.

## **Ausschreiwung vum Posten vum Generalkeessier**

Den 21. Juli huet de Pompjeesverband de Posten vum Generalkeessier ausgeschriwwen, wourop sech leider kee Kandidat gemellt huet.

E Méindeg den 18. September schreibe mir de Posten nach emol aus. All Amicale krit d'Ausschreiwung per Email a per Courier geschéckt.

## **Kalenner vun der Pompjeeszeitung**

Wann är Amicale eng Veranstaltung organiséiert setze mir gären des Informatiounen an de Kalenner vun onser Pompjeeszeitung, schéckt eis dofir einfach en Email op [presse@fnsp.lu](mailto:presse@fnsp.lu)

Marc MAMER  
President

Sait 1 vun 1



[bureau@fnsp.lu](mailto:bureau@fnsp.lu)



49771-8093



[www.fnsp.lu](http://www.fnsp.lu)



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



3, blvd. De Kockelscheuer  
L-1821 Lëtzebuerg